



## Léif Verrieder vun der Press

mat vill Elan, enger gudder Portioun Leidenschaft an enger laangfristeger Visioun hunn mir 2018 den Handball Bartreng gegrënnt. No den classeschen Ufangsschwieregkeeten konnte mir mam HBB 2019 fir déi éischte Kéier um Championnat deelhuefen. Séier konnte mir eis landeswäit en Numm maachen an eis net nëmme strukturell, mä och sportlech weiderentwéckelen, wat mam Erreeche vun de Playoffs 2021/22 sän Héichpunkt fonnt huet.

Säit senger Grennung huet den HBB mat enger schwéierer laangfristeger Planung ze kämpfen. Opgrond vun der limitéierter Capacitéit zu Bartreng gouf et kuerz- an méttelfristeg keng Méiglechkeet, d'Heemmatcher zu Bartreng kennen duerchfeieren. Och d'Méiglechkeet, laangfristeg zu Leideleng kennen ze spillen, konnt eis leider net garantéiert gi. Fir als Veräin kennen ze wuessen an och eng Jugend kennen opzebauen ass des Ongewéssheet natierlech méi wéi kontraproduktiv.

Zu dësem strukturelle Problem Geselle sech weider Kompilatiounen: Diverse Spiller-Ofgäng feieren dozou, dass mir enorm Verloschter an der Equipe ze verzechnen hunn, déi mir souwuel qualitativ wei quantitativ net kenne kompenséiere.

Opgrond vun de genannten Entwécklung mussen mir iech heimadder matdeelen, dass den Handball Bartreng an der Saison 2022/23 keng Senior A - Ekippen un de Start schéckt. Domadder zitt sech den Handball Bartreng - zumindest fir déi kommend Saison - vum aktive Spillbetrieb zrück. Mat aller Däitlechkeet betounen mir heimadder, dass sech des Entscheidung ausschliisslech op eis Seniors A Ekippen auswierkt. Den HBB bleibt formell als Bartrenger Sportsclub bestoen.

Wéi et no der nächster Saison bei eis weidergeet ass nach net gewosst, hannert de Kulisse schaffe mir op alle Fall weider mat vollem Asaz un der Zukunft vum HBB.

Op dësem Wee wëlle mir dann awer scho mol an aller Form Merci soen – sief et als Fan, Spiller, Trainer, Kiné oder Sponsor!

Sportlech Gréiss

### SIEGE SOCIAL

24, am Bruch, L-8062 Bertrange

### MAIL + TEL

info@hbbartreng.lu  
+352 621 476 992

### WEB

www.hbbartreng.lu

### R.C. - N°

R.C.S. Luxembourg  
F11932